N°2821
Entrée le 01.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.09.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 28. August 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

*„Zu Lëtzebuerg schaffe vill Leit aus der ganzer Welt. No hirem Pensiounsuntrëtt decidéieren der vill vun hinne Lëtzebuerg nees ze verloossе fir zeréck an hiert Heemechtsland ze goen. Dat féiert dozou, dass en Deel vun de Pensiounsleeschtungen an d'Ausland transferéiert gëtt.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Pensioune sinn insgesamt iwwer déi lescht 10 Joer pro Joer ausbezuelt ginn ? Wéi vill dovunner goufen an d'Ausland ausbezuelt ?*
- *Kann et virkommen, dass d'Keess keen Acte de décès aus dem Ausland kritt an da weiderbezilt ? Muss déi Somme integral rembourséiert ginn, wann dat erausfonnt gëtt ?*
- *Wéi kontrolléiert d'Pensiounskeess, dass d'Leit, déi eng Pensioun ausbezuelt kréien an net zu Lëtzebuerg sinn, nach liewen ? Ginn et Kontrollmechanismen am Fall vun engem Doudesfall ? Wat ass d'Prozedur an esou enger Situatioun ?*
- *A wéi ville Fäll hunn an de leschten 10 Joer Sue musse rembourséiert ginn an dësem Kontext ? Em wéi eng Somme handelt et sech ?*
- *Wéi vill vun de Pensiounsempfänger, déi am Ausland liewe, kréien hier Pensioun op ee lëtzebuergesche Bankkonto iwwerwisen ? Wat bedeit dat fir eventuell Kontrollmechanismen am Fall vun engem Doudesfall ? .“*

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert

Carole HARTMANN
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu